LISER

## Freelance Enquêteuren (m/w)

Op Ufro vun nationalen an internationalen Institutiounen ass de LISER domat beoptraagt, Enquêten iwwer d'Populatioun vu Lëtzebuerg ze realiséieren.

Dir sidd maassgeeblech um Succès vun eisen Enquêten bedeelegt, déi der Fuerschung nëtzlech sinn, an ënner anerem der Orientéierung vun de verschiddenen Regierungspolitiken déngen.

### Är Missioun:

Nodeems Dir forméiert gi sidd, sidd Dir dofir responsabel, Kontakt mat den ausgewielte Persounen opzehuelen an d'Enquêten bei de Leit doheem perséinlech duerchzeféieren.

Dir interviewt d'Persounen, sammelt d'Donnéeën an enregistréiert hir Äntwerten op engem Laptop, deen Iech zur Verfügung gestallt gëtt.

Dir haalt Ären perséinlechen Superviseur regelméisseg iwwer den Progrès vun Ärer Aarbecht um Lafenden.

Dir sidd autonom an Ärer Organisatioun an an der Gestioun vun Ärem Agenda, an Dir hutt déi néideg Iwwerzeegungskraaft an Gedold fir d'Rendezvousen ze kréien, déi fir d'Erreechen vun den Ziler noutwenneg sinn.

### Äre Profil:

Mat Ärer gudder Allgemengbildung, Ärer Freed um Kontakt mat Leit an Ärer Fäegkeet nozelauschteren, fillt Dir Iech wuel am Ëmgang mat Persounen aus allen sozio-professionellen Milieuen.

Dir schwätzt op mannst 2 vun den 3 Landessproochen (Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch). All aner Sprooch ass vu Virdeel.

Fir d'Interviewgespréicher duerchzeféieren, deplacéiert Dir Iech bei d'Leit – Führerschäin an Auto sinn dofir e Plus.

Dir hutt eng gutt Presentatioun an hannerloosst bei den Persounen déi Dir interviewt e positiivt Bild vun eisem Centre.

Mir proposéieren Iech en Kontrakt mat « Freelance » Statut. Dës Aarbecht ergänzt idealerweis eng Hallefdaagsaarbecht. Si ass och interessant fir Pensionären, Hausfraen /-männer op der Sich no neien Defien.

**Postuléiert w.e.g. online via: https://jobs.liser.lu/jobs**

oder schéckt Är Demande (Motivatiounsbréif, CV, Foto) un:

LISER
A l'attention de Monsieur DI BLASI
Maison des Sciences Humaines
11, Porte des Sciences
L-4366 Esch-sur-Alzette

Oder via E-Mail: recruitment@liser.lu